Generalversammlung vum 06.03.2021

Léif Membere vum BLËTZ,

de Kommitee vum BLËTZ huet de Pleséier Iech op d'virtuell Generalversammlung ze invitéieren, déi e Samschdeg, de 06. Mäerz vun 10.00 Auer bis 11.30 Auer stattfënnt.

Wann Dir un der Versammlung deelhuele wëllt, mellt Iech wgl. bis den 01. Mäerz op info@bletz.lu un.
Mir schécken Iech dann d'Detailer an de Link. Villmools Merci am Viraus.

Op der Dagesuerdnung stinn déi hei Punkten:

- Begréissung vun der Presidentin Chantal Keller
- Rapport vun den Aktivitéite vum BLËTZ vum Joer 2020 vun der Presidentin Chantal Keller
- Joresrapport vun de Finanzen a vum Budget fir d'Joer 2021 vun der Madamm Danielle Popov vun der Fiduciaire Newluxcompta
- Rapport vun de Keeserevisore : Madamm Nicole Schroeder a Monsieur René Brosius
- Wiel vun den neie Keeserevisoren
- Wiel vum Kommitee:
  Austriedend a kënnen erëmgewielt ginn: Madamm Chantal Keller a Madamm Carina Rogerio
  Nei Kommiteesmemberen: Madamm Nicole Scheuren a Monsieur Pierre Berger
- Rapport vun den Aktivitéiten um Internet vum Webmaster, dem Monsieur Raoul Klapp
- Presentatioun vun den Aktivitéite fir d'Joer 2021 vun der Presidentin Chantal Keller
- Message un d'Blëtz vum Här Buergermeeschter vu Beetebuerg oder engem Vertrieder aus dem Gemengerot
- Verschiddenes a fräi Ausprooch

An der Hoffnung Iech a grousser Zuel dierfen op eiser Generalversammlung ze begréissen, soe mir Iech Merci fir Ären Interessi an Är Ënnerstëtzung a riichten Iech eis frëndlechst Gréiss aus.

Chantal Keller Presidentin	Carina Rogerio Secrétaire	Nicole Backes-Walesch Trésorière